

# Aktioun Päiperlek

De SICONA, d'SNL, d'ABIOL an den natur musée invitéieren lech härerlech op hier zwee Päiperleks-Bestëmmungscoursen:

**Fir Ufänger:**

## Päiperleke kenneléieren a bestëmmen

**Samschdeg, den 30. Juni 2018 vun 10 bis 16 Auer**

Interesséiert Dir lech fir Päiperleken? Wëllt Dir si méi genee kenneléieren? Wësse wéi een déi verschidden Aarten ënnerscheede kann a wou se liewen? Wann Dir dëst a méi wëllt gewuer ginn, dann invitéiere mir lech härerlech op eise Päiperleksbestëmmungsdag fir Ufänger!

**Fir Fortgeschrittener:**

## Päiperleks-Kenntnisser verdéiwen

**Samschdeg, den 4. August 2018 vun 10 bis 16 Auer**

Falls Dir schon kënneg am Räich vun de Päiperléke sidd a méi iwert méi speziell Aarten kenneléiere wëllt oder op den Ufänger-Cours opbauen wëllt, dann huet Deel un eisem zweeten Bestëmmungsdag fir Fortgeschrittener!

Béid Coursen fannen am Regionale Biodiversitéitszentrum zu Olm (12, rue de Capellen) statt.

Mir treffen eis am Biodiversitéitszentrum fir eng theoretesch Aféierung zum jeweilegen Thema. No engem Picknick bilde mer Fahrgemeinschaften a fueren op Sitten, wou mir zesummen um Terrain no interessanten Aarte sichen (Destinatioun: Bartreng/Stroossen). Bréngt äre Picknick, Gezei, dat dem Wieder entsprécht, a fest Schung mat. Wie scho Bestëmmungsbicher huet, kann déi och matbréngen. Alles anescht kritt Dir gestallt.

Umelle kann ee sech bis de **8. Juni 2018** beim SICONA ënnert der Telefonsnummer 26 30 36 25 oder ënnert der E-Mail-Adress [corinne.camusel@sicona.lu](mailto:corinne.camusel@sicona.lu). De Cours gëtt op Lëtzebuergesch gehal.

D'Coursen gi vum INAP unerkannt.



Groupe de recherche entomologique de la SNL



ABIOL  
Association des Biologistes  
Luxembourgeois

